Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Saint Donat
Réiserbann


# Schiffe versenken

**Geschicht:**
Gutt Pirate musse gutt kentere kënnen. Heiandsdo ass dat awer nët esou einfach well z.B. Niwwel ass oder Nuecht, wat d'Sicht verschlechtert an et méi schwéier mecht Booter ze kenteren. Also übe mer dat elo mol.


**Material:**

- 2x Baatsch
- Ficèlle
- Kräidespray
- 2x Whiteboard Folie
- 2x 4 Magnéitbooter
- 2x 11 Gummi-Kreesser (fir d'Booter)
- 2x 18 Sandsäckelcher
- Plastifizéiert Buschstawen & Zuelen (**-> Dokument Annexe**)

**Opbau:**





**Lëtzebuerger Guiden a Scouten**
**Réiserbänner Guiden a Scouten a.s.b.l.**
44, Grand-Rue L-3394 Roeser – R.C.S. Luxembourg F15370
**Ekipp Wëllefchersrallye 2026 – Email : wellefchersrallye@lgs.lu**



## Oflaf:

Alleguer d’Kanner stellen sech op d’Säit vun der Baatsch wou d’Folie drun hänkt. Réischt wann alleguer d’Kanner hannert der Baatsch sti leet de Stationsresponsabelen d’Faarweg Gummikreeser déi d’Booter representéieren (esou wéi op der Foto) an d’Raster.
D’Kanner schéissen d’Sandsäckelcher noeneen iwwert d’Baatsch a probéieren d’Gummi-Kreesser ze treffen. Treffen se een Deel vun engem Boot, däerfen si sech dat mat de Magnéiter um Whiteboard markéieren. Elo wësse si dass sech do an der Géigend nach méi Deeler vum Boot kéinte befannen. Fir ze wësse wat si getraff hu seet de Chef deen op der anerer Säit steet hinnen d’Koordinate vum Feld.

## Reegelen:

- All Grupp huet am ganzen 30 Säck (déi mussen op d’Kanner opgedeelt ginn)
- D’Kanner schéisse noeneen

## Bewäertung:

1 Punkt pro Deel vun engem Boot
+ 3 Punkten wann een ee ganzt Boot trëfft

## Bemierkung:

Et muss opgepasst ginn dass kee Kand iwwert oder laanscht d’Baatsch gesäit.